

Monseigneur  
Här Chamberpresident  
Här Staatsminister,  
Madame Buergermeeschter,  
léif Eieregäscht, léif Frënn

Et ass fir mech, als éischt Presidentin vum Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre Mondiale, eng grouss Freed an eng grouss Eier, fir dürfen eng Plaque mat anzeweihe, déi un een Leidenswee vun den Fraen am Zweete Weltkrich erënnert.

Si ass di zweet Erënnungsplaque, déi hei an der Verrière un eng schwéier Zeit erënnert. Si mecht aus desser Gare, déi par définition en „lieu de passage“ ass, en „lieu de mémoire“ - eng Plaz, wou ee stoe bleift, a wou een sech erënnert.

Dess Plaque erënnert haut un een speziellen Aspekt vun de Fraeschicksaler am Zweete Weltkrich.

Si schwätzt nët vun de Fraen, déi an der Resistenz tätég waren an och nët vun deenen, déi am Krich hu missen hirt Liewen aleng meeschteren, well hir Männer an der Armei waren, an der Resistenz, ënnergetaucht - oder schon déportéiert.

Si erënnert spezifesch un déi jonk Meedercher, déi genau wéi d'Männer, hu missten an Deitschland goen.

Als Fra hun ech bei deser émouvanter Feier awer e schlecht Gewëssen.

De Krich ass zenter 75 Joer eriwwer,

Mais d'Geschicht vun de Fraen an deem Krich, déi hu mer bis haut nach nët geschriwwen.

Fir desst Kapitel unzufänken hu mir bis op den allerläschte Stëppel gewart, An et huet durfir d' Energie an den Asatz gebraucht vun enger vun de läschten Iwwerliewenden.

Durfir soen ech lech, Madame Ginter, haut an hei e ganz grouse Merci. An ech soen lech mei Respekt.

Respekt virun ärer Standfestegkeet, an Respekt virum deem, wat der matgemacht hudd.

Dir wart nët kleng ze kréien.

Aus de Gespréicher mat lech wees ech, dat et eng Alternative gi wär. Dir hätt lech kënne bestueden, fir dem Krichsdengscht ze entkommen. Dat hudd der nët gemach, Dir hudd lech der Erausfuerderung gestallt. Mat der Bemierkung „bestueden ass fir d'ganz Liewen, dat hei geet eriwwer“.

Als Presidentin vum Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre Mondiale, opgrond vu ménger eegener jiddescher Identitéit wees ech awer och, firwat et esou laang gedauert huet.

„Mir ware frou, erëm doheem ze sinn. Mir wollte erëm an eist Liewen eraklammen“, huet et bei eis doheem geheescht.

Ähnlech war et offensichtlech och bei de Frae a Meedercher, déi aus dem Reichsarbeitsdienst komm sin.

Si hun d'Vergaangenheet hannert sech gelooss.

Doraus ergëtt sech no 75 Joer  
awer och eng erschreckend Feststellung:

Mir wëssen - no ville Kämpf ëm Gleichstellung an Unerkennung - nach ëmmer nët vill iwver  
d'Roll vun de Fraen am Zweete Weltkrich.

Mir hun dat Kapitel vun eiser lëtzebuerger Fraegeschicht nach nët opgeschafft.

Vielleicht ass dat hei jo e gudden Ufank